



Äntfert vum Här Henri Kox, Minister fir bannenzeg Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 5392 vum 15. Dezember 2021 vum honorabelen Députéierten André Bauler

Ad 1.):

Säit dem Akraafttriede vum Police-Gesetz vum 18. Juli 2018 bis zum 31. Dezember 2021 ass den Effektiv aus der Region Norden vun 184 Polizisten an de Karriären B1, C1 an C2 op 179 reduzéiert ginn. Den Effektiv vum Kommissariat Dikrech ass an der selwechter Period vun 48 op 45 erofgaangen.

Ad 2.):

Aktuell ginn et an der Region Norden 179 Polizisten, dovunner sinn der 10 op aner Plätzen detachéiert.

Ad 3.):

De Moment sinn an der Region Norden 4 Leit am Laangzäitkrankeschäin.

Ad 4.):

6 Persounen dierfen den Ament keen Aussendéngscht maachen, dëst aus gesondheetleche Grënn.

Ad 5.):

All Kommissariat mat 2 Roulementer muss souwuel op der Moies-, wei och op der Mëtteschicht 1 Patrull stellen. D'Kommissariater, déi mat 3 Roulementer funktionéieren, mussen 1-2 Patrulle stellen, jee nom Gesamteffektiv vun der jeeweileger Déngschtstell. Domat huet d'Region Norden an der Theorie am Daag zu all Moment e Minimum vun 9 Patrullen a souwuel an der Nuecht wei och Weekends ee Minimum vun 5 Patrullen operationell. Duerch Spezialdingschter kënn et allerdéngs och vir, dat de Minimum net garantéiert ka ginn.

Ad 6.):

Just 1 Persoun huet bis elo vir d'éischt Semester 2022 hier Pensiounsdemande gestallt. Dës Persoun gëtt natierlech ersat.

Ad 7.):

Op den 1. Januar 2022 kritt d'Kommissariat Ettelbréck 1 Polizist bäi. Dono hänkt net nëmmen de Wuesstem vun der Region Norden, mee och dee vun deenen anere Regionen an Unitéite vum Netto-Rekrutement vun der ganzer Police of.

Lëtzebuerg, den 31. Dezember 2021.

De Minister fir bannenzeg Sécherheet

(s.) Henri KOX